



Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. November 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister an den Här Policeminister weiderzeleeden.

Déi lescht Méint huet den traurege Phenomen vun de Messerattacken zu Lëtzebuerg massiv zougeholl. Et sief ënner anerem op dës Beispiller higewisen:

- am Februar gouf eng Persoun bei enger Attack an der Stad am Garer Quartier blesséiert;
- am Mäerz koum et a follgenden Uertschaften zu Attacken: zu Bouneweg mat engem Blesséierten, zu Déifferdeng mat zwee Blesséierten, um Lampertsbiërg mat zwee Blesséierten, am Zentrum vun der Stad mat engem Blesséierten;
- am Mee ee Blesséierte bei enger Attack zu Monnerech an der Escher Strooss;
- am Juni eng Attack an der Stad am Garer Quartier mat engem Blesséierten;
- am Juli eng Attack op der Stater Gare mat engem schwéier Blesséierten;
- am September eng Attack an der Stad am Garer Quartier mat zwee Blesséierten;
- am Oktober eng Attack op der Gare zu Bierchem an op der Stater Gare mat jeeeweils engem Blesséierten, souwéi eng Attack um Sennengerbiërg op enger Bushaltestell mat engem schwéier Blesséierten;
- de 7. November goufen zwee Jugendlecher bei enger Messerpickerei an engem Bus schwéier blesséiert;

Och an eisen Nopeschlänner Däitschland a Frankräich gëtt d'Problematik vun de Messerattacken aktuell vill diskutéiert, och well dës Attacken ëmmer méi brutal ginn. An engem Artikel deen den 13. Juni um Zitt vum WDR publizéiert gouf, heescht et am Bezuch op d'Lag am Bundesland NRW: *"Erst seit 2019 führt die Polizei Messerangriffe als eigene Kategorie der Gewalttaten auf. Deutlich wird aber bereits: Täter sind zu 90 Prozent Männer, jeder zweite war vergangenes Jahr unter 30 Jahre alt, 42 Prozent der Täter sind nicht-deutsch"*.

An deem Zesammenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

- 1) Kann d'Regierung hir Aschätzung vun der entsprecherender Sécherheetslag elaboréieren?
- 2) Wéi vill Attacke mat Stéchwaffe goufe bis ewell 2022 insgesamt zu Lëtzebuerg registréiert?
- 3) Kann d'Regierung matdeelen, wéi wäit sech beim Täterprofil Parallelen zu NRW erginn, respektiv, wéi dacks déi an NRW identifizéiert Krittären sech och an eise Statistiken néierschloen?
- 4) Kann d'Regierung matdeelen, ewéi eng Afferprofiler bis ewell identifizéiert goufen an op et hei geschlechtsspezifesch Ënnerscheeder gëtt, respektiv op Mannerjäreger besonnesch betraff sinn?

- 5) Kann d'Regierung matdeelen, ob dës Entwécklung am Zesammenhang mat der Ausbreedung vu brutale Jugendbande steet, déi déi leschte Méint fir vill negativ Schlagzeile gesuert hunn?
- 6) Kann d'Regierung matdeelen, wéi vill vun de Messerattacken, déi säit dem 1. Januar zu Lëtzebuerg vun der Police opgeholl goufen am öffentlechen Transport stattfonnt hunn?
- 7) Kann d'Regierung matdeelen, wéi eng Moosnamen elo ergraff ginn, fir dëser traureger Entwécklung ze begéinen?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten